QP 2942

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 2. Oktober 2020

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro iwwer d'Schouluebst un den Här Landwirtschaftsminister an den Här Educatiounsminister weider ze leeden.

- Wéi eng Uebstzorte ginn am meeschten an d'Schoule geliwwert?
- Wéi eng Uebstzorte ginn am meeschte giess a wéi eng am mannsten?
- Gëtt et vill Gaspillage alimentaire beim Schouluebst ?
- Wa jo, wéi eng Uebstzorte sinn am meeschte betraff?
- Ass et méiglech d'Ausschreiwung fir d'Schouluebst esou ze formuléieren datt och méi kleng lokal Produzente kënne matmaachen?

Här President, mir bieden Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.

Françoise Hetto-Gaasch
Deputéiert

Martine Hansen
Deputéiert

**Réponse commune du Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural et du Ministre de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire n° 2942 des honorables Députées Mesdames Martine Hansen et Françoise Hetto-Gaasch**

- **Wéi eng Uebstzorte ginn am meeschten an d'Schoule geliwwert?**

An der folgender Tabell sinn d'Quantitéite vun den eenzelen Uebstzorten opgelëscht, déi zënter dem Start vum Schouluebstprogramm am Joer 2010, deemools nach ënnert dem Numm „Fruit for School", bis d'lescht Schouljoer verdeelt gi sinn.

| Uebst oder Geméis | Quantitéit (t) |
|---|---|
| Äppel | 1334 |
| Banannen (Bio Fairtrade) | 1013 |
| Bieren | 486 |
| Clementinnen | 473 |
| Muerten | 124 |
| Nectarinnen | 87 |
| Aprikosen | 85 |
| Quetschen/Prommen | 73 |
| Pijen | 54 |
| Verschiddenes (Tomaten, Drauwen, Orangen) | 29 |
| Total | 3759 |

***Tablell 1:*** *Quantitéite vun Uebst a Geméis, déi vum Schouljoer 2009/2010 bis zum Schouljoer 2019/20 mat abegraff an d'Grondschoulen oder an d'Lycéeë geliwwert gi sinn.*

- **Wéi eng Uebstzorte ginn am meeschte giess a wéi eng am mannsten?**

D'Tabell 1 liwwert natierlech och d'Äntwert op dës Fro.

Duerch de Feedback, deen aus de Lycéeën an de Grondschoule kënnt, ass et kloer, dass d'Clementinnen an d'Bananne besonnesch populär bei de Schüler sinn. D'Nectarinnen, Pijen, Quetschen an Prommen, déi am 3ten Trimester an de Fondamental geliwwert ginn, sinn och ganz beléift. Bei de Muerte ginn et Schoulen, an deenen dës Wuer ganz populär ass. An anere vereenzelte Schoule schéngt d'Nofro vun de Kanner esou niddereg ze sinn, dass d'Liwwerungen op Demande vun de Schoulen op Null gesat gi sinn.

D'Bieren sinn déi Uebstzort, déi am mannste nogefrot gëtt. Do sinn d'Quantitéiten, déi pro Woch geliwwert ginn, dofir och méi niddereg. Am Secondaire goufen esou och déi ursprénglech Liwwerunge vu Bieren duerch Liwwerunge vu 50% Bieren a 50% Äppel ersat.

- **Gëtt et vill Gaspillage alimentaire beim Schouluebst ?**

Op d'Thema vun der Liewensmëttelverschwendung am Schouluebstprogramm gouf schonn d'lescht Joer am Detail an der Äntwert op dem Här Franz Fayot seng parlamentaresch Ufro N°1185 agaang. Do ginn et keng nei Erkenntnisser. Et kann ee just drop hiweisen, dass och bei kuerzfristegen Ofsoe vun de Liwwerungen, bedéngt duerch d'COVID-19 Krise, dank der Flexibilitéit vun de Betriber, déi dës Wuer sollte liwweren, näischt huet missten ewechgeheit ginn.

**• Wa jo, wéi eng Uebstzorte sinn am meeschte betraff?**

D'Quantitéite vun all Uebstzort ginn am Prinzip fir all Schoul individuell festgesat a kënne wärend dem ganze Schouljoer ugepasst ginn. Esou muss och bei deenen Zorten, déi manner gutt vun de Schüler ugeholl ginn, am Prinzip näischt ewechgeheit ginn.

**• Ass et méiglech, d'Ausschreiwung fir d'Schouluebst esou ze formuléieren, datt och méi kleng lokal Produzente kënne matmaachen?**

En Deel vun de Liwwerungen am Programm gëtt an der Ausschreiwung iwwer Louse verdeelt, déi sech direkt un di lokal Produzenten adresséieren. Esou konnt an de leschte Joren och d'Quantitéit vum lokalen Uebst a Geméis am Programm eropgesat ginn. An Zukunft soll dësen Undeel weider wuessen.

Och elo scho kennen sech do méi kleng Produzenten zesummen doen, fir hei den Zouschlag bei dëse Lousen ze kréien. An enger nächster Ausschreiwung wäerten d'Quantitéiten, déi ze liwwere sinn, hei weider op méi Lousen opgedeelt ginn, fir dass och di méi kleng Produzente méi einfach kënne matmaachen.

-----------------------------------------------------------------